# „We sing...you listen, drink an eat"

## Concert Gastronomique zu Woltz



**Woltz.** „We sing...you listen, drink an eat", sou heescht d'Konzept vum Concert mat groussem gastronomeschem Deel vun der Chorale Municipale vu Woltz. De 27. November ëm 19.30 Auer krit dir den Aperitif mat Amuses-Bouches an der amenagéierter Festhal „am Pëtz" zu Wegdichen bei Woltz zerwéiert. Mat ofwiesselend Musek a Gastronomie geet den Owend weider. De Chouer séngt am 1. Deel ee Programm mat stëmmungsvoller Chouermusek. Als Haaptplat gëtt duerno Lëtzebuerger réi a gekachten Ham mat Cruditéiten opgedëscht. De klenge Chouer an d'Soliste vun der Chorale presentéieren da „POP Highlights and more". Dir héiert hei eng Rei beschtbekannte Pop-Nummeren aus de leschte Joren.

Mat engem passende Kéis-Assortiment gëtt den nächste gastronomeschen Deel agelaut. Virum Dessert séngt de ganze Chouer Extraiten aus bekannte Musicals. De ganzen Owend, kënnt dir iwwer Dësch verschidde Cremant a Wäiner vun der Lëtzebuerger Musel genéissen. Selbstverständlech däerfen di néideg Softdrinks an eise beschte Lëtzebuerger Béier net fehlen.

Dir fannt d'Hal „am Pëtz" direkt beim neie Foussballterrain zu Wegdichen, wou och genuch Parkplaze sinn.

Loosst iech dësen ofwiesslungsräichen Owend mat Musek a beschter Gastronomie net entgoen.

Reservéiert är Plaze mam Menü bis de 15. November andeems dir 35 Euro pro Persoun op de BCEE Kont LU34 0019 3800 0244 8000 vun der Chorale Woltz iwwerweist. Dir krit är Entrées- a Menusticketen heem geschéckt. Weider Infoe krit dir per Email:

henrietteschaeffer@icloud.com

oder um Telefon 691 35 44 04.

Dee ganzen Owend leeft ënnert dem Covid-Check, deen an der Entrée kontrolléiert gëtt.

*Claude Windeshausen*
*via mywort*